# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

AUGUST - SEPTEMBER 2024




# PREMIÈRE ZU RODANGE!




*Deen éischten TGV ass den 29. Juli vun der Rodange Gare op Paräis gefuer*







**Edito** 3
*E Recht op Bildung ass eng grouss Chance*

**A vos poubelles !** 4
*La plupart des habitants de la commune de Pétange trient leurs déchets d'une façon très consciencieuse. Pour faire le tri à la maison, la commune de Pétange met à disposition des récipients de différentes couleurs…*

**Der Schulanfang** 6
*In 133 Klassen – verteilt auf die drei Ortschaften der Gemeinde – sind für das Schuljahr 2024/2025 insgesamt 2063 Schüler und Schülerinnen eingeschrieben. Das ist ein Zuwachs von 37 Kindern.*

**Zënter 80 Joer si mir fräi** 7
*Fir déi eeler Generatioun aus der Gemeng Péiteng – an domat sinn alleguer déi gemengt, déi an den Zwanzeger oder Drësseger Jore gebuer goufen - ass den 9. September 1944 en Datum, deen si ni wäerte vergiessen …*

**AGENDA** 9

**Wat war lass?** 11

**Pétange „culinary“** 12

**Nationalfeierdag 2024** 16

**Volksfest zum 23.06.** 18

**Food and Music Festival** 24

**Afterwork** 28

**Mir gratuléieren** 30

**D'Gemeng informéiert** 31
*Zesummen d'Héichwaasserproblematik ugoen*
*E Parking fir d'Camionnetten | Un parking pour camionnettes*
*Nei Mataarbechter*
*Rester en forme avec PiKo*
*De Patrick Remacle gouf vereedegt*
*RADIO Péiteng on Air*
*RPL-TV*
*„E Gaart fir eis wëll Bestëbser“*
*„Een, zwee Glieser wäerte jo net esou schlëmm sinn …“*

**Leichte Sprache - Ich frage einen luxemburgischen Pass an** 34

**Rock'n'Owl** 36

# IMPRESSUM

**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**
Service Culture et Communications

**Photos :**
Service Culture et Communications, Laurent Blum, Joël Schadeck, Chiara Ulzega, Lugdivine Unfer, Christian Rohner, Seniorie St Joseph, iStockphoto

**Mise en page & impression :**
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier 100% recyclé,
paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Août - Septembre 2024

ISSN 1993-0070

# E Recht op Bildung ass eng grouss Chance

Knapps ass d'Schoul aus, a scho stinn déi éischt Aarbechten an de Gebaier am Kalenner, esou datt alles nees prett ass fir d'Rentrée am September. Hei gëtt net just an de Gebaier ugestrach a gebotzt, et ginn och nei Klasseraim ageriicht fir datt se kënnen a Betrib geholl ginn, ewéi zur Zäit am Éigent-Schoulgebai zu Péiteng. D'Erweiderung vum Schoulraum ass noutwendeg, well och eis Bevölkerung gewuess ass, a mir all de Kanner optimal Bedingunge wëllen zur Verfügung stellen, esou datt si optimal kënne léieren. Och d'Zuel vun de Schüler a Schülerinne pro Klasse ass schonn zënter Joren esou gehalen, datt en optimalen Unterrecht kann oder soll stattfannen.

Natierlech mussen och d'Schoulhäff op Vordermann bruecht ginn, an déi gi jo net just an der Schoulzäit benotzt mee och an de Vakanzen. Hei gëlt et, alleguer déi Spiller, déi opgestallt sinn, ze kontrolléieren an, wann et noutwendeg ass, ze reparéieren.

All dës Aarbechte sollen dozou bäidroen, datt d'Schoul eng Plaz duerstellt, wou d'Kanner gären higinn. Wou si gäre léieren an esou de Grondstee fir hir Zukunft zesumme mam Léierpersonal leeën. Jo, et gehéiert vill zu esou enger Rentrée an et si ganz vill fläisseg Mataarbechter vun der Gemeng, déi zwee Méint op een Datum hischaffen: de 15. September.

D'Recht op Bildung an Ausbildung ass hei zu Lëtzebuerg net méi aus der Gesellschaft ewech ze denken. Et ass och richteg esou, well d'Kanner sinn d'Zukunft vun eis alleguer. Si sinn d'Potenzial op dat mir zielen, wann et spéiderhin ëm eis Gesellschaft geet. An dozou gehéieren och Klassen, an deenen déi gehollef kréien, déi vläicht Problemer beim Léieren hunn, déi eréischt vir kuerzem hei an d'Land komm sinn, a villes méi.

Jo, d'Kaderbedingunge fir e gudden Unterrecht – am Sënn vun den Ariichtungen – garantéiere mir hei an der Péitenger Gemeng. Mir all, déi schonn eis Schoulzäit hannerun eis hunn, grad esou ewéi d'Generatiounen, déi elo eng Bildung kréien, sollten dëst als eng grouss Chance betruechten. Eng Chance, vun där net jidderee ka profitéieren. Well wéivill Kanner op dëser Welt kënnen respektiv dierfen net an d'Schoul goen? Sief et well si d'Käschten net stämme kënnen oder gesellschaftlech ausgeschloss sinn. Dat gëtt et leider nach vill ze dacks op dëser Welt. Déi Kanner wiere frou, fir iwwerhaapt emol Bicher, Hefter a Schreifmaterial oder esouguer e richtegt Schoulgebai ze hunn!

Jo, d'Matièren an der Grondschoul – an och zum Deel am Secondaire – si vläicht net esou interessant fir deen een oder anere well hei net „à la carte" mee de „Menu du jour" zerwéiert gëtt. Den Unterrecht huet nun emol Themen, déi net all jonke Mënsch uschwätzen. Awer mir an och si sollten net vergiessen, datt et am Liewen net ëmmer esou geet ewéi een dat wëll. Do muss een derduerch. Mat deem richtegen Ëmfeld, de konstanten Investitiounen an eis Schoulinfrastrukture mécht d'Gemeng hiren Deel an deem Beräich. De Ball läit awer bei de Kanner fir duerch den Unterrecht hir Zukunft matzegestalten. Mir wënsche jidderengem eng gutt Rentrée a vill Erfolleg!

De Schäfferot






# À vos poubelles !

La plupart des habitants de la commune de Pétange trient leurs déchets d'une façon très consciencieuse. Pour faire le tri à la maison, la commune de Pétange met à disposition des récipients de différentes couleurs :

- la poubelle grise ou les sacs jaunes pour les déchets ménagers,
- la poubelle verte pour les déchets organiques,
- la poubelle brune pour le verre creux,
- les sacs bleus pour les plastiques d'emballages.

Cependant, ces derniers mois, l'administration communale constate que, malgré la périodicité des enlèvements des ordures par les services communaux, nombreux sont les récipients ou sacs destinés à l'enlèvement des déchets qui sont déposés des jours en avance des dates de collecte et qui sont laissés aux abords des trottoirs en attendant un vidage ultérieur.

### Respecter les voisins, les passants, etc.

Il faut bien l'admettre, la vue de sacs bleus ou jaunes le long des façades ainsi que sur les bords des trottoirs n'est pas très alléchante, ni pour les habitants, ni pour les passants ou encore pour les visiteurs de notre commune. De plus, avec les températures estivales, des déchets exposés au soleil n'émanent point un parfum apprécié dans les alentours sans parler des insectes ou des rongeurs qui peuvent être attirés par les odeurs.

Voilà pourquoi il est rappelé à tous les citoyens de ne pas sortir les récipients et les sacs avec leurs déchets avant les heures prescrites et, en cas ou les récipients et les sacs sont marqués non conformes, les enlever de la voie publique le jour-même.




Les raisons principales pour le non-enlèvement sont :

- des déchets non-conformes p.ex. dans les sacs bleus
- des récipients dont le couvercle est ouvert.

Ces mêmes gestes s'emploient aussi en ce qui concerne la collecte du papier/carton ainsi que pour la collecte des déchets encombrants qui sont enlevés par les services communaux sur **rendez-vous uniquement**.

Merci de respecter le crénaux de sortie des déchets et d'enlever de la voie publique les récipients de déchets après la collecte :

**Sortir les poubelles et sacs** :

la veille au soir ou bien à partir de 6 heures du matin le jour de l'enlèvement.

**Rentrer les poubelles :**

le jour de l'enlèvement.

Ce sont des gestes faciles et qui ne coûtent que peu de temps. Pensez-y ! Vos concitoyens vous seront certainement reconnaissants !

## Petit rappel

Tous les ménages de la commune reçoivent 3 rouleaux par an. Des exceptions existent comme p.ex. une famille nombreuse.



**Au début de chaque année**, les bons pour ces sacs bleus Valorlux sont envoyés aux ménages de la commune ensemble avec la facture du 4e trimestre. Les sacs sont distribués à divers endroits dans la commune de Pétange et les emplacements sont rendus publics par l'administration communale en temps utile.

En ce qui concerne les sacs jaunes qui sont prévus pour les déchets ménagers peuvent être achetés à la caisse de la commune. Le prix est de 20€ pour 10 pièces.

Les sacs bleus ainsi que les sacs jaunes peuvent également être enlevés respectivement achetés au centre de recyclage.

Afin de vérifier les dates d'enlèvement des ordures, veuillez consulter :

- le calendrier « Wat ass lass » distribué à tous les ménages en fin d'année,
- les applications de la commune de Pétange et/ou « Mäin Offall » de l'Etat qui sont toutes les deux téléchargeables,
- dans l'agenda de la commune publié sur le site internet https://petange.lu/agenda/tous-les-evenements/ ainsi que dans le magazine « Meng Gemeng ».



# Vor den Sommerferien ist nach den Sommerferien




Wie war doch die Freude groß, als es am 15 Juli hieß: Sommerferien! Vor den Kindern und Jugendlichen sowie dem Lehrpersonal lagen mehr als 8 Wochen ohne Unterricht. Ein guter Grund zum Feiern. Doch wie die meisten Erwachsenen es noch aus der eigenen Schulzeit kennen, steht der Schulanfang bereits im Kalender und die sorglose Freizeit geht nur allzu schnell vorbei.

## Klassen- und Schülerzahl

In 133 Klassen – verteilt auf die drei Ortschaften der Gemeinde – sind für das Schuljahr 2024/2025 insgesamt 2063 Schüler und Schülerinnen eingeschrieben. Das ist ein Anstieg von 37 Kindern gegenüber dem Vorjahr. Die Zahl kann sich jedoch noch ändern, da die Einschreibung einiger Kinder zu einem späteren Zeitpunkt stattfinden wird. Die Aufteilung ist wie folgt: in Petingen 932, in Rodange 702 und in Lamadelaine 316 Kinder.

In den Klassen der Früherziehung sind augenblicklich 113 Kinder eingeschrieben. Davon entfallen 51 auf Petingen, 32 auf Rodange und 30 auf Lamadelaine.

Für den Unterricht zuständig sind 146 Lehrpersonen, wobei hier auch die Früherziehung (Précoce) mit einbezogen wird.

In der Gemeinde Petingen sind die Schüler und Schülerinnen der Logopädie-Klassen in den „normalen“ Klassen, auch „classe d’attache“ eingeschrieben. In einer Zyklus 2-Klasse sowie einer Zyklus 1-Klasse mit insegesamt 17 Kindern erhalten diese die notwendige Hilfe, welche auf ihre spezifischen Bedürfnisse zugeschnitten ist.

## Die Bestellung der Bücher

In jedem Schulgebäude wird heutzutage ein Koordinator damit beauftragt, die Liste der Bücher zusammenzustellen, die von den Lehrpersonen im Laufe des Jahres im Unterricht benutzt werden. Eine Liste mit den zur Auswahl stehenden Büchern werden einerseits vom Bildungsministerium und anererseits von dem einzelnen Gewerkschaften bereitgestellt.

Nachdem der Koordinator die Liste eingereicht hat, ist es Aufgabe der Gemeinde, die Bestellung aufzugeben und - nach Erhalt der Ware – für die Verteilung auf die einzelnen Gebäude zu sorgen.

Was die restliche Ausstattung für den Grundschulunterricht anbelangt – Hefte, Schreibwaren, usw – so erhalten die Eltern eine von der Lehrperson zusammengestellte Liste, wo genau eingetragen ist, was die Kinder für den Beginn des neuen Schuljahres brauchen.



# Virun 80 Joer krut Péiteng d'Fräiheet zeréck



Fir vill Leit aus där eelerer Generatioun an der Péitenger Gemeng – an domat sinn alleguer déi Bierger a Biergerinne gemengt, déi an den Zwanzeger oder Drësseger Jore gebuer goufen - ass den 9. September 1944 en Datum, deen si ni wäerte vergiessen. En Dag, dee fir esou vill vun hinnen net séier genuch konnt erbäikommen no der Invasioun vum 10 Mee 1940.

No méi ewéi 4 laange Jore war et endlech eriwwer mat der Besatzung duerch d'Nazi-Truppen, déi iwwerall an Europa de Réckzuch ugetrueden haten. Dat huet natierlech zu vill Begeeschterung gefouert an d'Stroossen hunn sech och séier mat Bierger gefëllt, déi d'US-Zaldote frenetesch gefeiert hunn ewéi si iwwer d'Athuser Strooss a Péiteng eragefuer koumen. Nach haut erënneren sech Zäitzeien un hir Gefiller vun deemools a wëssen och genee, wou si an deem Abléck waren ewéi déi éischt Gefierer vun de Befreier gesi gouchen.

### Laang Deeg waren et

D'Hoffnung, datt Lëtzebuerg geschwë fräi wier, war zënter dem 6. Juni an der Landung vun den Alliéierten an der Normandie ganz grouss. Dës Erwaardung huet natierlech mat sech bruecht, datt d'Leit mat der Zäit ongedëlleg goufen. Iwwer de Radio – wat trotzdeem net ouni Gefor war – kruten si Informatiounen zu dem Verlaf vun der Front. An esou konnten et just Deeg sinn ier d'Amerikaner zu Péiteng ukéimen. Ma aus den Deeg goufe Wochen, déi keen Enn wollte kréien.

De 24. August gouf du Paräis befreit, den 30. August war Reims an den 31. August Verdun un der Rei iwwerdeems Bréissel de 4. September nees fräi gouf. Et sollten awer nach 5 Deeg vergoen ier dann endlech Péiteng als éischt Uertschaft vu Lëtzebuerg befreit gouf.

Den **9. September 2024** gëtt den 80. Anniversaire vun der Befreiung gefeiert. Eng Geleeënheet, nach eng Kéier un déi ze denken, déi mat vill Courage hiirt Liewern op d'Spill gesat hu fir datt d'Krichsjoren an all dat Leed, dat si mat sech bruecht haten, op en Enn géife goen.

Vergiess sinn awer nieft den amerikaneschen Zaldoten och d'Passeuren an d'Resistenzler grad esou ewéi déi Leit, déi heiheem ënner dem Nazi-Regime gelidden huet, net. Duerch d'Feierlechkeete maache mir hinnen all Éier. Och déi zukünfteg Generatioune sollen esou drop opmierksam gemaach ginn, datt d'Fräiheet vu jidderengem en héiche Präis verlaangt huet an si d'Steier iwwerhuele musse fir och weiderhin dovun ze profitéieren.

### 9'44 – e Bléck op d'Liberatioun

Ween sech fir d'Erliefnisser aus de Joren 1939 bis 1944/1945 interesséiert, dee kann sech e Bild vun deemools maachen am „Espace muséologique 9'44", deen am Rouden Haus um Site WAX ënnerbruecht ass. Interviewe mat Zäitzeien an aner Video-Dokumenter stinn hei de Visiteuren nieft interaktive Bornë mat detailléierte Kommentaren zur Verfügung.

Informatiounen iwwer Tel. 50 12 51-2082

# 80e Anniversaire de la Libération

Programme des festivités du 6 au 9 septembre 2024

organisé par l'Administration communale de Pétange en collaboration avec le Comité du Souvenir de la commune de Pétange, l'Ordre de Chevalerie du 7e Centenaire, le SITP, Comité de pilotage 9/44, MVCL Greyhounds.





++ Pétange, le 9.9.1944, la première localité luxembourgeoise est libérée par les Alliés ! Hyman Josefson, le premier soldat américain tué sur le territoire du Grand-Duché.

# PROGRAMME

## Vendredi, le 6 septembre 2024

15h00 - Place J.F. Kennedy

**Promesse solennelle de la 203e session de l'instruction de base des volontaires stagiaires de l'Armée luxembourgeoise et remise de décorations aux participants luxembourgeois et étrangers à une mission de maintien de la paix.**

en présence de Madame
la Ministre de la Défense Youriko Backes

à partir de 18h00 au Parc Municipal

*Swing'in Friday*



## Samedi, le 7 septembre 2024

entre 11h00 et 23h00 au Parc Municipal

**Rockabilly Deluxe Festival**

- 10 CATS DOWN - TOLLKIRSCHEN
- JOHANNA RED & THE BLACK CATS
- VIKTOR HUGANET - THE PINSTRIPES

## Dimanche, le 8 septembre 2024

Place J.F. Kennedy

09h15: **Messe à l'Eglise de Pétange célébrée par le cardinal Jean-Claude Hollerich**

10h15: **Cérémonie commémorative auprès de la Borne du Passeur**

11h00: **Intronisation de nouveaux membres à l'Ordre de Chevalerie du 7e Centenaire au Home St Hubert**

## Lundi, le 9 septembre 2024

### Commémoration officielle de la LIBÉRATION

**en présence de S.A.R. le Grand-Duc Héritier Guillaume de Luxembourg**



18h30: Evocation historique et scénique
Cortège de véhicules militaires anciens vers la place JFK

19h30: **FÊTE POPULAIRE AU PARC MUNICIPAL**

**Dixieland Band de la Musique Militaire Grand-Ducale**



C.S.C.P. COMITÉ DU SOUVENIR DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

Syndicat d'Initiative et de Tourisme Commune de Pétange

pétange MOTIVATION COMMUNE

**ENTRÉE LIBRE À TOUTES LES MANIFESTATIONS**

# AGENDA
## Août - Septembre




### PABEIERSAMMLUNG AN DER GEMENG PÉITENG

**TOUR 1: DEN 14.09. AN 12.10.**

**TOUR 2: DEN 13.09. AN 11.10.**

**TOUR 3: DEN 16.08. A 20.09.**



**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**

**D'Pabeierpäck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

Org.: Gemeng Péiteng

### 09.09. AN 30.09.
### BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner: https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

### 17.08.
### START YOUR ENGINE CAR MEET

Pétange – rue de Linger
de 10h00 à 22h00

Avec e.a. John Mary Go Round et Lou Tennant

Old- and Youngtimers welcome

Entrée gratuite

Org.: Retro Cars Péiteng

### 31.08.
### JOURNÉE ESPAGNOLE ET CONCERT DE NICEFIELD

Lamadelaine – Centre de loisirs

Début : 12h00

Org. : Lëtzebuerger Schlager- a Volleksmuseksfrënn asbl

### 04.09. et 02.10.
### MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy

de 8h00 à 12h00

Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl

### 07.09.
### INTERNATIONAL CHALLENGE CUP WOMEN

Pétange
Centre sportif Bim Diederich

de 10h00 à 19h00

Infos sur www.volley80.lu/events

Org. : Volley 80 Pétange

### 08.09.
### MEN'S CUP 2024 VOLLEY BALL TOURNAMENT

Pétange
Centre sportif Bim Diederich

à partir de 10h00

Infos sur www.volley80.lu/events

Org. : Volley 80 Pétange

### 20.09.
### RÉUNION MENSUELLE

Rodange – Centre culturel

Début : 17h00

Entrée libre

Org. : Cercle Philatélique Rodange



**23.09.**

## INFORMATIOUNS-VERSAMMLUNG ZUM THEMA HÉICHWAASSER

Lamadelaine – Fräizäitzenter (rue Grousswiss)

Ufank: 19 Auer

Org.: Gemeng Péiteng







**29.09.**

## KIDS' SECOND HAND

Lamadelaine – Centre de loisirs

Début : 9h00

Org. : Harmonie Municipale Rodange&Lamadelaine

## CLUB KORDALL AKTIV

**27-29 rue Michel Rodange, L-4660 Déifferdeng**

**Umeldungen an Aschreiwungen iwwer Tel. +352 26 58 06 60**

**Iwwerweisung vun de Rechnungen op de Konto CCPLLULL LU91 1111 1007 2640 0000**

**14.08.**

### CANOË À DILLINGEN

Excursion sur l'eau

Distance d'environ 12km

Canoë biplace : 40€

Canoë monoplace : 25€

Départ : 10h30 Parking Plateau des Hauts Fourneaux à Differdange

Repas à régler sur place

Transport : 22€

**16.08.**

### KONFERENZ PATIENTEVERTRIEDUNG

Um 14.00 Auer am Clubhaus

Informatiounen iwwer d'Rechter vun de Patienten a villes méi

Gratis Entrée

**28.08.**

### EN TOUR OP D'SCHUEBERFOUER

RDV um 10.30 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneaux Déifferdeng

Retour géint 17:00 Auer

Präis: 16€

Iessen a Gedrénks ginn op der Plaz bezuelt

**02.10., 09.10. et 16.10.**

## COURS DE SELF-DEFENSE

Pétange – Home St Hubert

de 19h00 à 21h00

Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

Tél. : 691 21 50 21

## MINETT-PARK FOND-DE-GRAS

Infos auf www.minettpark.lu

**23.08. und 20.09.**

### MOUNTAIN BIKE TOUR AFTERWORK

Fond-de-Gras

Treffpunkt:
Epicerie Binck um 18.00 Uhr

Dauer der Tour:
2 Stunden + Aperitiv

Preis: 8€, Reservierung empfohlen

Mindestalter: 18 Jahre oder in Begleitung eines Erwachsenen

Optional: ab 20.30 Uhr Abendessen „Bei der Giedel"

**11.09.**

### TAG DER OFFENEN TÜR

Ab 11.00 Uhr

Hinter den Kulissen des „Train 1900" und der „Minièresbunn"

Vorführungen einiger Handwerkearbeiten

Abfahrt ab Petingen (Train 1900-Gleis)

**11.10.**

## CONCERT DE BLUES CÉDRIC BURNSIDE (USA)

Site WAX Pétange - 20h00
(2, rue d'Athus L-4710 Pétange)

Entrée gratuite !

Réservation souhaitée sous : inscriptions@petange.lu



# Wat war lass?

**06.06.2024** - *Eng ganz Rëtsch nei Gefierer goufen offiziell vun der Péitenger Gemeng a Betrib geholl, dat a Presenz vu Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot an aus der Belegschaft. De Buergermeeschter huet ënnerstrach, datt de Fuhrpark effizient an och respektvoll géintiwwer der Ëmwelt misst sinn. Genee dofir wieren och elektresch Gefierer akaf ginn.*









**06.06.2024** - *Premier coup de pelle pour le nouveau complexe scolaire à Rodange. Dans quelques années, un nouveau campus scolaire au centre de Rodange accueillera des écoliers de l'école fondamentale ainsi que des enfants fréquentant la Maison Relais du site. De plus, un hall sportif ainsi qu'un restaurant feront partie de ce projet de grande envergure.*





# PÉTANGE „CULINARY“





*E Cocktail gefälleg? Oder dach léiwer exotescht Iessen, Pizza respektiv Barbecue gefälleg? Ausgebucht waren d'Kachcoursen alleguer, déi d'Péitenger Gemeng op der Millen zu Rolleng organiséiert hat. An nom Nokucken a Mathëllefen war dee schéinsten Deel dach ëmmer d'Schmaachen, wat och keen sech entgoe gelooss huet.*


























CAMPARI
RESERVA
AÑOS





**07.06.2024** - *Zufriedene Gäste gab es auch bei der diesjährigen Organisation des „Night Train“ im Fond-de-Gras, wo sich der „Roude Schapp“ sehr schnell füllte. Und dass sich über Geschmack nicht streiten lässt, das bewies der Andrang an allen teilnehmenden Verkostungsständen. Sei es Bier, Käse, Wein, Schokolade, Pinsa oder Cocktails, für jeden fand sich etwas Passendes zum Schmecken. Natürlich mit musikalischer Begleitung der kommunalen Musikschule.*













**11.06.2024** - *Haiti ist seit Jahren in den Schlagzeilen aufgrund der zunehmenden Gewalt, insbesondere in der Hauptstadt Port-au-Prince, wo es zahlreiche Übergriffe gibt. Mit einem Scheck über 2500€ im Namen der Gemeinde Petingen soll die Organisation Ärzte ohne Grenzen den Opfern dort helfen, wo es notwendig ist und somit das Leid der Menschen vor Ort etwas mildern.*






**14.06.2024** - *Déi Péitenger Kiermes gouf offiziell de 14. Juni op der Gemengeplaz opgemaach. Nom Hämmelsmarsch an dem Duerchschneide vum Bändchen a Presenz vu Memberen aus dem Syndicat d'initiative esouwéi vum Schäffen- a Gemengerot gouf et uschléissend e Patt mat engem Stéck traditionelle Kiermeskuch am Pavillon „K".*










# NATIONALFEIERDAG 2024



Den offiziellen Deel vum Lëtzebuerger Nationalfeierdag gouf dëst Joer zu Rodange zelebréiert, wou et dann och am Cortège vun der Sportshal duerch de Brouckerwee an den Te Deum an d'Parkiech goung. Uschléissend hu verdéngschtvoll Gemengemataarbechter esouwéi Pompjeeën hir Medaille vum Buergermeeschter ugespéngelt krut ier dunn, no de Kläng vun der Heemecht, den obligate Patt vun der Gemeng ustoung.

























# VOLKSFEST ZUM 23.06.



Mit Unterhaltung für Jung und Alt um das Rathaus herum ging das Volksfest zum Luxemburger Nationalfeierdag über die Bühne. Auch für das leibliche Wohl der Besucher wurde rund um die Uhr gesorgt. Was die musikalische Umrahmung anbelangt, so standen ausschließlich Luxemburger Gruppen im Rampenlicht: Faye and the Mockingbirds, la Mancha, DJ Miles und als Headliner Serge Tonnar & Band.























**20.06.2024** - *Pour son assemblée générale de l'année 2024, l'Institut de la Grande Région avait choisi les installations de la Maison de la Culture à Pétange. L'IGR est un réseau d'interlocuteurs qui veulent promouvoir les échanges entre les trois pays ainsi que les atouts de la région transfrontalière sur tous les niveaux.*






**30.06.2024** - *Aus dem Zumba Open Air gouf kuerzerhand, an opgrond vun de schlechte Wiederbedingungen, e Zumba-Nomëtteg an der Rodanger Sportshal, wou d'Frënn vun der Fitness sech Rendez-vous ginn hate fir e puer Stonnen zesummen ze schweessen an sech z'ameséieren. „Mission accomplished" housch et um Enn vum Dag, deen dach séier eriwwer goung.*










**30.06.2024** - *Datt e Veräin e Gebuertsdag feiert, dat kënnt jo méi dacks vir. Awer wann e Veräin op seng Gebuertsdaagsfeier invitéiert an 100 Joer um Bockel huet, dat ass schonn eng Ausnam. 1928 gouf d'CTF an d'Liga „Gaart an Heem" integréiert, ma déi Péitenger Sektioun war do scho 4 Joer aktiv. Zënterhir a bis haut hunn sech d'Sektiounen all fir de Schutz vun der Natur agesat. An dat och am Kader vum Familljeliewen, dat si ëmmer mat Gréngflächen, mat Blummen an aner Planze verbonne gesinn hunn. D'CTF Sektioun Péiteng – grad ewéi all déi aner Sektiounen – gëtt och gären eng Berodung wat de Geméis- an Uebstubau, d'Planze vu Blummen oder sougenannten „Ziergärten" ugeet.*
*Och nëtzlech Informatiounen zur ëmweltfrëndlecher Schädlingsbekämpfung gehéiert an hire Repertoire, deen nach eng ganz Rei vun Aktivitéiten opzeweisen huet. Ad multos annos!*





**05.07.2024** - *La commission d'égalité de la Commune de Pétange avait invité à une soirée d'information sur le thème la ménopause à la Maison de la Culture. Bon nombre d'auditrices avaient pris part à cette soirée afin de mieux comprendre les symptômes et leur impact sur la vie de tous les jours et de découvrir des « stratégies préventives » pouvant soulager les femmes concernées.*











**05.07.2024** - *2023 huet d'UCP 100 Joer kritt. E ganzt Jorhonnert läit hanner dem Veräin, deen d'lescht Joer den Héichpunkt vun den Evenementer mat der Organisatioun vun der 4. Etapp vum Tour de Luxembourg kannt huet. Den Ofschloss huet elo viru kuerzem d'akademesch Sëtzung gemaach, fir déi de Veräin - a Presenz vun ë.a. dem Sporminister Georges Mischo – agelueden hat.*














**13.07.2024** - *Einen guten Grund zum Feiern gab es vor kurzem beim lokalen Tennisverein Petingen. Der Club feierte seinen 75. Geburtstag mit zahlreichen Gästen, unter ihnen auch Sportminister Georges Mischo sowie Vertreter des Petinger Schöffen- und Gemeinderates. Nach dem offiziellen Teil des Nachmittags und einem Rückblick auf die Geschichte des Tennisvereins stand im Nachhinein auch eine Vorführung auf dem Sandplatz auf dem Programm.*




















# FOOD AND MUSIC FESTIVAL

## L'été s'annonce chaud avec ce grand cru !




















BOFFERDING






**20.07.2024** - *Depuis de longues années déjà, la commission de la Jeunesse de la commune en collaboration avec l'administration communale de Pétange organise au début des vacances d'été le festival Hip Hop'N'Air à Pétange. Une manifestation où les jeunes et la musique furent au centre de l'attention. Malgré les activités axés sur les jeunes gens, on aurait bien voulu voir plus d'adolescents…peut-être l'année prochaine.*









**27.07.2024** - *Gutt Affäre gouf et och dëst Joer nees um Stroossemaart zu Péiteng, wou dach eng Rei Leit trotz Reen komm ware fir duerch d'Lëtzebuerger Strooss ze scharjeekelen an sech e bëssen ëmzekucken. Vun Uebst, Geméis a Kleeder iwwer Blummen an Dekoartikele gouf et fir all Geschmaach eppes ze kucken. A fir dee klenge Creux oder déi dréche Strass war och gutt gesuergt.*








**02.08.2024** - *Vakanzaktioun! Iwwer Jorzingte läit d'Organisatioun an der Hand vun der Gemeng Péiteng. An zënter genee esou enger laanger Zäit fënnt d'Ofschlossaktioun vun dësen zwou Wochen, déi mat villen ënnerschiddlechen Aktivitéite vollgepak sinn, och scho statt. No den Danzvirféierungen op der Moscardo-Plaz an dem Verspriechen, och 2025 nees derbäi ze sinn, goungen dës 2 Wochen op en Enn. Duerno hat d'Gemeng eng kleng Receptioun organiséiert, wou d'Betreier e grousse Merci gesot kruten. An duerch de Verkaf vun de Kanner hire Bastelsaache konnt e Scheck iwwer 1035€ un „Les Enfants d'Alice asbl" weidergeleet ginn. E grousse Bravo un d'Kanner!*













# AFTERWORK

## ou comment terminer une soirée en beauté !



### Un succès fou

Sept jeudis de suite, et ce à partir du 30 mai 2024, la commune de Pétange avait invité à la 2e édition du Afterwork au site WAX à Pétange. Et les visiteurs ne se sont pas fait attendre pour passer quelques instants en bonne compagnie tout en profitant des bouchées proposées sur place. Une ambiance conviviale complétée par des performances musicales pour tous les goûts.
















PETRO





pétange

# Mir gratuléieren!



Am Krees vun der Famill a Frënn huet d'**Anne-Marie Gres-Schmit** viru kuerzem hiren 90. Gebuertsdag am Restaurant Le Presbytère zu Lasauvage gefeiert. Vertrieder vum Schäfferot hunn d'Gebuertsdaagskand mat enger schéiner Corbeille voll gudder Saachen iwwerrascht an och déi bescht Wënsch fir dëse groussen Dag matbruecht. Nom offizielle Ständche stoung nach den obligate Patt um Programm.

An der Seniorie, wou hien doheem ass, huet de **Marcel Schiltz** am Krees vu Familljememberen, Vertrieder vun der Direktioun, dem Fleegepersonal an der Amicale vun der Seniorie esouwéi vu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot seng 90 Joer gefeiert. D'Gemengevertrieder haten nieft engem Ständche fir dësen Dag och nach eng gutt gefëllte Corbeille matbruecht an hu gären op d'Gebuertsdaagskand ugestouss.





De 17. Juni 1929, also viru 95 Joer gouf d'**Schwester Jeanny Munhoven**, déi an der Seniorie doheem ass, gebuer. Elo huet si zesumme Familljememberen, Vertrieder vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale vun der Seniorie esouwéi vum Péitenger Schäfferot hire groussen Dag gefeiert. E schéine Kaddo vun der Gemeng an och e Ständchen huet si mat Freed entgéintgeholl.

Zu Péiteng huet d'**Nelly Steinborn**, déi nach bei gudder Gesondheet ass, hiren 90. Gebuertsdag zesumme mat der Famill gefeiert. Bei dëser Geleeënheet ware Membere vum Péitenger Schäfferot laanschtkomm fir hir ze wënschen an hir eng schéi Corbeille z'iwwerreechen. Wéi ëmmer gouf musikalesch fir dëse groussen Dag gewënscht an zesummen op vill weider Joren ugestouss.



# Zesummen d'Héichwaasserproblematik ugoen

Virun e puer Deeg huet de Buergermeeschter eng Rei Bierger empfaangen, déi no dem grousse Reen Schued an hiren Haiser haten. Si hunn eng Petitioun am Numm vun deene betraffene Bierger aus der Athuser Strooss an aus de Jenken zu Péiteng offiziell ofginn an där si ervirsträichen, datt si iwwer d'Iwwerschwemmungsproblemer mat de Gemengeverantwortleche schwätze wëllen. De Buergermeeschter, zesumme mat Chef vum techneschen Service, hunn sech dofir d'Doleancë vun de Bierger ugehéiert. Dëse konstruktiven Dialog ass genee dee Wee, deen d'Gemeng an dëser Problematik wëll gemeinsam mat deene betraffene Leit goen. E puer Deeg méi spéit hunn och Awunner vu Rolleng de Wee op d'Gemeng fonnt, wou och hir Suerge gehéiert goufen.

D'Gemeng huet an dësem Zesummenhang schonn eng Etude „Mesures contre la pluie battante" lancéiert an d'Bierger iwwer e Questionnaire befrot fir elo besser





kënnen am Dialog no Léisungen ze sichen. Vun deene Plazen, déi am schlëmmste vun den Iwwerschwemmunge betraff waren respektiv sinn an der Gemeng gëtt och eng Bestandsopnam an Zesummenaarbecht mam Waasserwirtschaftsamt gemaach.

Et sief och am Kader vun den Iwwerschwemmunge vum 29. Juni 2024 gesot, datt de Schäfferot dem Gemengerot **an der Sëtzung vum 23. September** virschléit, eng finanziell Hëllef bäizestéiere wann d'Leit an Eegeninitiativ Moossname géint d'Héichwaasser bei sech doheem installéieren.

**Den 23. September invitéiert d'Gemeng d'Bierger op eng Presentatioun vun de Moossname géint d'Héichwaasser an de Fräizäitzenter zu Lamadelaine. Hei kritt een och d'Méiglechkeet, sech mat deene Verwantwortlechen auszetauschen. D'Informatiounsversammlung fänkt um 19 Auer un.**

# E Parking fir d'Camionnetten

Laang Jore gouf geklot, datt d'Camionnettë vu verschiddene Betriber ëmmer an de Stroosse stéingen an domat den Awunner Parkplaze géifen ewechhuelen. Nodeems da schonn zu Péiteng, zu Rolleng an am Doihl en extrae Parking ageriicht gouf, war et elo un enger neier Parkplaz fir d'Camionnetten, deen zu Rodange just nieft dem syntheteschen Terrain offiziell opgoung. Fir e Gefier hei ofstellen ze kënne muss e Patron eng Vignette bei der Gemeng ufroen, déi am Joer 400€ kascht.

Fir d'Aweiung vun dëser Plaz ware Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, fréier Volleksvertrieder aus der Gemeng esouwéi Gemengenaarbechter a Vertrieder vu verschiddene Firmen, déi schonn eng Vignette hunn, agelueden.



# Un parking pour camionnettes

Depuis des années, le stationnement des camionnettes de certaines firmes dans les rues de la commune de Pétange pose problème car les habitants ne trouvent plus d'emplacement près de chez eux. Après l'aménagement d'un parking pour camionnettes à Pétange (Gare), à Lamadelaine ainsi qu'au Doihl, une aire de stationnement fut installée à Rodange près du terrain de football synthétique. Une vignette peut être commandée par les patrons et coûte 400€ par an.

Des membres – anciens et actuels – du collège échevinal et du conseil communal ainsi que des collaborateurs communaux et représentants des firmes ayant déjà une vignette étaient étaient invités à cette inauguration.



# Nei Mataarbechter



Vum 1. Juli 2024 un huet d'Generalsekretariat vun der Péitenger Gemeng Verstäerkung an der Persoun vum **Nadine Schreiner** kritt.



Zënter dem 1. Juli 2024 huet d'Gemeng Péiteng eng Psychologin, déi am Service Psycho-Social schafft. Fir dës Aufgab gouf d'**Valérie Ferreira** agestallt.

# Rester en forme avec PiKo

Les nouveaux cours de natation, d'aquagym, d'aquakids et d'aquababy commenceront le 23 septembre 2024. La piscine PiKo accepte les inscriptions à partir du 12 août 2024. Alors, à vos marques, prêts et réservez vite car le premier arrivé, le premier servi !

Informations également par tél. +352 50 12 51-7300 ou sur Facebook PiKo – Piscine Kordall

| Cours | Piscine | Horaire |
|---|---|---|
| Cours de natation Enfants | Lundi Piko | 16h30 - 17h30 |
| Perfectionnement Enfants | Lundi Piko | 16h30 - 17h30 |
| Cours de natation Adultes | Lundi Piko | 18h00 - 19h00 |
| Aquagym | Mardi Piko<br>Mercredi Piko | 10h30 - 11h30<br>19h30 - 20h30 |
| Aquakids 1<br>Aquakids 2 | Jeudi<br>(Piscine Pétange) | 13h00 - 13h45<br>13h45 - 14h30 |
| Aquababy | Jeudi<br>(Piscine Pétange) | 14h30 - 15h15<br>15h15 - 16h00 |

# De Patrick Remacle gouf vereedegt



Nodeems de fréiere Buergermeeschter Pierre Mellina sech aus dem politesche Liewen zeréckgezunn huet, ass de Patrick Remacle (CSV) als neie Conseiller an de Gemengerot nogeréckelt.

Hie gouf virun der Gemengerotssëtzung vum 8. Juli 2024 vum Buergermeeschter a Präsenz vu senge Kollegen aus deem Gremium vereedegt an huet esou säin Amt als neie Conseiller vun der Péitenger Gemeng ugefaangen. An senger Untrëttsried – déi éischt Amtshandlung vun engem Politiker no der Vereedegung – huet hien sech kuerz virgestallt an och verroden, datt besonnesch d'Kultur, de Sport an de Benevolat esouwéi d'Bautepolitik – hien ass jo och President vun der kommunaler Bautekommissioun - um Häerz leien.




# RPL-TV

De Programm fir de Mount August

**Wat war lass?**

- Afterwork'en
- Food & Music Festival
- 100 Joer UCP
- 100 Joer Gaard an Heem
- Zumba OpenAir
- Ordinatioun vum Patrick Muller
- Soirée d'information Ménopause
- Entrevue mam Logementsminister Claude Meisch
- Rock'n'Owl
- HipHop 'N' Air
- Repair Café Kordall
- Stroossemaart

**Reportage**

Sänger- a Musikerin Cynthia Knoch



# „E Gaart fir eis wëll Bestëbser"

Beim ale Paschtoueschhaus zu Rolleng – An der Uecht – wou d'Geschichtsfrënn vun der Péitenger Gemeng doheem sinn, entsteet an net allzewäiter Zukunft e Gaart fir wëll Bestëbser. Dësen Terrain soll eng grouss Diversitéit u Planze kréien, dorënner Kraider, Hecken a Beem, déi och en ideale Liewensraum fir kleng Déieren duerstellen.

Des Plaze sollen och fir d'Bierger zougänglech sinn, esou datt si sech op Informatiounstafele kënnen informéieren, wat do eigentlech wiisst. An natierlech ka jiddereen sech och do inspiréiere fir selwer bei sech esou eng flott an nëtzlech Gréngfläch unzeleeën. Mir si gespaant op den éischte Bestëbsergaart an eiser Gemeng!





# „Een, zwee Glieser wäerte jo net esou schlëmm sinn ..."

Ufanks Juni huet de Schäfferot vun der Péitenger Gemeng eng Charta ënnerschriwwen, déi op d'Gefore vum Alkohol soll hiweise fir dat ongebuerent Liewen. Duerch d'Ënnerschrëft hunn sech déi politesch Verantwortlech mam Buergermeeschter un der Spëtz dofir engagéiert, d'Leit op d'Gefore vum Alkohol fir d'Kand an der Schwangerschaft opmierksam ze maachen. Dëse Schrëtt gouf mat der Ënnerstëtzung vun „arcus" a „Quai 57" gemaach a soll op e gesellschaftleche Problem hiweisen, deen dach allze dacks net am Mëttelpunkt steet. Dat, obwuel d'Konsequenze vum Alkoholkonsum fir de Puppelchen e grousse Risiko duerstellen. Dozou gehéieren z.B. Schied um Gehier, déi sech ganz dacks eréischt am Schoulalter weisen. Dofir gehéiert Alkohol net an eng Schwangerschaft. Esou gëtt de Bëbee och kenger onnëtzer Gefor ausgesat.





# Ich frage einen luxemburgischen Pass an

In den Ferien reise viele Menschen.
Sie fahren oder fliegen in andere Länder.
In vielen Ländern braucht man einen **Pass**.



## Was ist ein Pass?

Ein Reisepass ist ein **Ausweis-Papier**.
Das ist ein kleines Heft.

Im Pass stehen viele Informationen vom Besitzer:

- Das Foto
- Der Familienname und der Vorname
- Die Nationalität,
  zum Beispiel: luxemburgisch, deutsch, portugiesisch, ...
- Das Geburtsdatum und das Geschlecht,
  zum Beispiel: Mann, Frau, ...
- Die Größe
- Wie lange der Pass gültig ist
- Die Nummer des Passes
- Die Unterschrift vom Besitzer

## Was kostet ein Reisepass?

Der Reisepass für **Erwachsene** kostet **50€.**
Dieser Reisepass ist 5 Jahre gültig.
Der Reisepass für **Kinder** unter 4 Jahren kostet **30€.**
Dieser Reisepass ist 2 Jahre gültig.

## Wie bezahlt man den Pass?

Überweisen Sie das Geld wird auf dieses Konto:
IBAN LU46 1111 1298 0014

Es ist für das **Bureau des Passeports, Visas et Législation**.

Schreiben Sie Ihren Namen und Ihren Vornamen auf die Überweisung.

Behalten Sie eine Kopie der Überweisung.

Das ist ein Beweis, dass Sie bezahlt haben.

Sie brauchen diesen Beweis für die Gemeinde.



## Wie frage ich einen Pass bei der Gemeinde an?



Rufen Sie bei der Gemeinde an.

Die Telefonnummer ist 50 12 51 10 00.

Im Bürgerzentrum erhalten Sie dann ein Rendez-vous.

## Was passiert in der Gemeinde?



In der Gemeinde geben Sie den Beweis ab, dass Sie bezahlt haben.

Sie müssen auch den alten Pass mitbringen.

Ein Mitarbeiter macht ein Foto von Ihrem Gesicht.

Dieses Foto kommt in Ihren Pass.

Dann unterschreiben Sie auf dem Formular.

Diese Unterschrift kommt auch in den Pass.

## Wann ist der neue Pass da?



Es dauert 7 Arbeits-Tage bis Sie den Pass erhalten.

Arbeits-Tage sind von Montag bis Freitag.

Samstag und Sonntag zählen **nicht**.

Sie können den Pass an der Rezeption in der Gemeinde abholen.

Und unterschreiben ein Dokument, dass Sie ihn bekommen haben.

Infos gibt es auf www.guichet.lu

oder auf https://tinyurl.com/33rb9rux

# ROCK'N'OWL

1ere édition d'une soirée Rock inouïe

















